N°299
Entrée le 08.03.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Madamm Yuriko Backes, Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op d'parlamentaresch Fro N° 299 vum 7. Februar 2024 vum Här Deputéierte Laurent Mosar iwwer TGV-Linn Lëtzebuerg-Paräis**

- *Ass d'Regierung offiziell iwwer méiglech Ännerunge beim TGV-Reseau informéiert ginn?*
- *Wa jo, ass d'Linn Lëtzebuerg-Paräis och betraff?*

D'Vertrieder vum franséische Stat hu bestätegt datt d'SNCF net wëlles huet d'TGV-Verbindung tëschent Lëtzebuerg a Paräis ze iwwerpréiwen. D'SNCF huet dëst och vis-à-vis vun den CFL bestätegt an a Frankräich gouf en Dementi zu dëse falsche Gerüchter publizéiert.

- *Wat wëll d'Regierung maachen, am Fall, wou et zu Verschlechterunge bei den TGV-Verbindungen tëscht Lëtzebuerg a Paräis sollt kommen?*

Opwuel et zum haitegen Zäitpunkt keng Indicateuren ginn déi dorop hiweisen datt sou Moossnamen a Betruecht gezu misste ginn, wärten d'Zuch-Verbindungen mat Frankraich emmer en Thema vun bilateralen Réuniounen op all Niveau bléiwen.

Als Informatioun: d'CFL bedreiwen och en Direktbus op d'Gare Lorraine TGV, deen Zougang zum franséischen TGV Reseau erméiglecht.

Lëtzebuerg, den 8. Mäerz 2024

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes